FEATURE

# Sécher Passwierder

RTL | Update: 28.03.2022 11:27



© Pixabay

**Dat beléiftste Passwuert vun der Welt kann quasi direkt geknackt ginn. Esou wéi déi lescht Joren, benotzen déi meeschte Leit just "123456". Mat Passwierder schütze mir zum Deel wichteg Saache, wéi eisen Online Banking. Do wier et gutt ze wëssen, wéi een déi esou richteg sécher ka maachen.**

1:03 / 2:29

*28/03/2022 Sécher Passwierder*

Fir d'éischt emol muss ee sech bewosst sinn, wéi Passwierder kënne gehackt ginn. Jee nodeems wéi et geschitt, hu mir nämlech méi oder manner Afloss doropper, ob et geschitt oder net, esou den Dennis Fink vum Chaos Computer Club.
*Dennis Fink: Déi eng Aart a Weis ass déi sougenannten Phishing Attack wou een dann e Mail kritt, déi een opfuerdert, säi Passwuert ze änneren. Do gëtt dann op eng Fake Websäit verlinkt, wou een dat neit Passwuert soll aginn. Doduerch huet de Cracker dat neit Passwuert, fir sech an eng Websäit wéi z.B. enger Bank anzeloggen. Déi zweet Aart a Weis ass, dass e Cracker eng Sécherheetslück an engem Service fënnt, wou en dann op d'Datebank zougräife kann. Do kéint en dann un d'Passwierder komme, wann déi net geséchert do ofgespäichert sinn.*

Do gëllt dann och ëmmer d'Reegel: Wann d'Passwuert méi laang a méi komplizéiert ass, ass e Passwuert méi schwéier ze knacken. Wann Dir z.B. e Passwuert vun 10 Zeechen hutt, dat grouss a kleng Buschtawen an Zifferen, da brauch e Cracker an der Reegel 3 Woche fir et ze knacken. Macht nach en Zeechen dobäi, a schonn dauert et 3 Joer. Wann dat Zeechen dann och nach e speziell Symbol ass, wéi e Stär oder e Bindestréch, dann dauert et scho 34 Joer. Wie Problemer huet sech esou Passwierder ze verhale, ka sech do awer och Hëllef sichen.
*Dennis Fink: Fir sech laang Passwierder ze verhalen, ginn et eigentlech 2 Aart a Weisen. Éischtens, et kann een e laang Passwuert huelen, wat e Saz ass. Et kann ee sech en domme Saz iwwerleeën, deen ee sech einfach verhale kann. Soss kann ee sech e Passwuert-Manager siche goen. Dat ass e Programm, dat een um PC oder um Handy installéiert huet an dee managt dann och d'Passwierder fir een a kann och laang Passwierder fir ee generéieren.*

D'Sécherheet läit awer och un der Websäit, net nëmmen um Notzer. Wann d'Websäit säi Passwuert begrenzt, andeems ee just eng gewëss Unzuel vun Zeeche benotzen duerf oder gewëss Zeeche verbuede ginn, dann ass d'Websäit och net esou sécher. D'Säite kënnen awer méi sécher ginn, wa se de sougenannten "Hashing" benotzen.
*Dennis Fink: Hashing bedeit u sech, dass d'Passwuert an der Datebank vun der Websäit net direkt ofgespäichert gëtt, mee dass et duerch eng mathematesch Funktioun geet, ier et ofgespäichert gëtt. Dat heescht, och wann e Cracker d'Websäit géing hacken, da géif en net direkt d'Passwierder gesinn, mee de sougenannten Hash. Doraus ass et normalerweis schwéier, dat eigentlecht Passwuert erauszefannen.*

100 prozenteg Sécherheet gëtt et natierlech net, mee et kann een et den Hackeren och esou schwéier wéi méiglech maachen.


## AM MEESCHTE GELIES

1. RTL-Informatiounen – D'Monica Semedo ass op en Neits mat Mobbing-Virwërf konfrontéiert
2. Accord ass ënnerschriwwen – Xavier Bettel: "D'Solidaritéit huet e Präis"
3. Tripartite-Verhandlungen en Echec – OGBL zitt sech zeréck, d'Regierung wëll elo Verantwortung iwwerhuelen
4. LIVETICKER – Ukrain-Krich - déi aktuell Entwécklungen
5. Tandel – 65 Joer al Fra gouf ugestouss an ass nach op der Plaz gestuerwen

## WEIDER NEWS



Ouverture Bosch-Store an der Stad



Wat sinn dann elo Oligarchen?



doku debates - "Papa, Mama, Pendelkanner"



Ouverture Bosch-Store an der Stad




Bicherlies: Den Nobel-Laureat Abdulrazak Gurnah am Interview



Gebuerten a Covid-Zäiten



Weltbackup-Dag: Ee Backup maachen, mä richteg



Ouverture Bosch-Store an der Stad

Uewenhi sprangen



© 2022 RTL Luxembourg. All rights reserved.